N°4453
Entrée le 14.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2026
Chambre des Députés

CSV AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 14. Juli 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

D'Participatioun un engem *Cours d'initiation à la langue luxembourgeoise* spillt eng wichteg Roll fir Persounen, déi am Kader vun enger Naturalisatiounsprozedur déi lëtzebuergesch Nationalitéit ufroen. An der Praxis ginn awer Lëtzebuergesch-Coursen net nëmme vum Service de la formation des adultes selwer, mee och vun aneren ëffentlechen oder kommunale Strukture proposéiert. Dës Coursen droen dacks offiziell Bezeechnungen, bezéien sech op de gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen a ginn no Ofschloss mat engem Certificat de participation attestéiert.

Et ass mir zougedro ginn, datt Persounen, déi un Lëtzebuergesch-Coursen deelgeholl hunn, déi vun enger Gemeng organiséiert goufen, eréischt no Ofschloss vum Cours respektiv am Kader vun hirer Naturalisatiounsprozedur gewuer goufen, datt de Lëtzebuergeschcours, deen si wärend ville Stonnen suivéiert hunn, net unerkannt gett am Kader vun hirer Demande fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit.

Déi betraffe Persounen hunn laut hierem Certificat en Niveau A1.2 vum Cadre européen commun de référence pour les langues am Lëtzebuergeschen. De Certificat de participatioun war souwuel mat der Entête vun der Gemeng déi de Cours organiséiert huet, wéi och vun der Entête vum Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse - Service de la formation des adultes versinn.

Mir sinn Fäll zougedroe ginn an deenen de Formateur mol net um Courant war, datt deen vun him proposéierte Cours elo net méi am Kader vun der Naturalisatiounsprozedur unerkannt géing ginn.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Kann den Här Minister detailléiert duerleeën, wéi eng inhaltlech, administrativ a formell Critèrë mussen erfëllt sinn, fir datt e Lëtzebuergesch-Cours als „cours

d'initiation à la langue luxembourgeoise" am Sënn vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit unerkannt gëtt?

- Wéi gëtt séchergestallt, datt Gemengen an aner ëffentlech oder konventionéiert Organisateuren esou wéi d'Formateuren, déi Lëtzebuergesch-Coursen ubidden, präzis an zäitno driwwer informéiert ginn, wéi eng Coursen am Kader vun der Naturalisatiounsprozedur unerkannt kënne ginn a wéi eng net?
- Wat ass sinn d'Ënnerscheeder tëscht engem Niveau A1.2 vum *Cadre européen commun de référence* an dem *Cours d'initiation à la langue luxembourgeoise* esou wéi en vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit?
- Wéi kann et sinn datt Certificater fir d'lëtzebuerger Sprooch mat der Entête vum Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse - Service de la formation des adultes émettéiert ginn an dann duerno net unerkannt ginn am Kader vun der Naturalisatiounsprozedur?
  Gesäit den Här Minister eng Méiglechkeet, fir Persounen, déi a guddem Glawen un esou engem Lëtzebuergesch-Cours deelgeholl hunn, deen herno net unerkannt gouf, eng Ausgläichsreegelung virzegesinn? Immerhinn hunn déi betraffe Persounen deels souguer méi Stonnen Cours suivéiert wéi deen deen gesetzlech virgeschriwwen ass.
- Kann den Här Minister präziséieren, ob et eng zentral, ëffentlech zougänglech Lëscht vun de Lëtzebuergesch-Coursë gëtt, déi am Kader vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit unerkannt sinn a wou dës Coursen ugebuede ginn? Falls net, ass den Här Minister bereet, esou eng Lëscht anzeféieren, fir de Biergerinnen a Bierger eng kloer Orientéierung ze ginn? Ginn déi Coursen an allen Ecker vum Land ugebueden?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie Weydert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4453 vun der honorabeler Deputéiert Stéphanie Weydert**

1. **Kann den Här Minister detailléiert duerleeën, wéi eng inhaltlech, administrativ a formell Critèrë mussen erfëllt sinn, fir datt e Lëtzebuergesch-Cours als „cours d'initiation à la langue luxembourgeoise" am Sënn vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit unerkannt gëtt?**

   Fir datt e Lëtzebuergeschcours als „cours d'initiation à la langue luxembourgeoise" am Sënn vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit agreéiert ka ginn, muss en eng Rei Critèren erfëllen.

   Nieft dem spezifeschen Inhalt muss de Cours och verschidden administrativ, pedagogesch an organisatoresch Critèren erfëllen. De Cours baséiert op dem Schwätzen an dem Héierverstoen. D'Dauer vum Cours ass op d'mannst 24 Stonnen, mat enger Kontroll vun den effektive Presenzen. E Cours däerf maximal 20 Participanten hunn, an de Formateur muss en ZLLL-Zertifikat (*Zertifikat Lëtzebuergesch Léiere Léieren*) oder e Master en enseignement secondaire – Langue et littérature luxembourgeoise virweisen.

   Bei engem Onlinecours muss et sech ëm eng synchron Visiokonferenz handelen, déi den direkten Austausch, virun allem duerch Gespréicher a Froen/Äntwerten, sécherstellt. D'Kamera an de Mikro mussen iwwert déi ganz Dauer vum Cours ageschalt sinn.

   De Cours muss vun de Prestatairen als „cours d'initiation à la langue luxembourgeoise, conformément à l'article 28 de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise" ugebuede ginn.

2. **Wéi gëtt séchergestallt, datt Gemengen an aner ëffentlech oder konventionéiert Organisateuren esou wéi d'Formateuren, déi Lëtzebuergesch-Coursen ubidden, präzis an zäitno driwwer informéiert ginn, wéi eng Coursen am Kader vun der Naturalisatiounsprozedur unerkannt kënne ginn a wéi eng net?**

   Am Juli 2025 goufen all d'Gemengen, d'Associatiounen an d'Partner, déi mam Service de la formation des adultes (SFA) eng Konventioun respektiv en Agrément haten, iwwer dës Konditiounen informéiert. En zousätzleche Rappel ass am August 2025 gemaach ginn. Dobäi gouf nach eng Kéier drop higewisen, datt d'Lëtzebuergeschcoursen am Kader vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit op engem eegene Programm, deen d'Schwätzen an d'Héierverstoen an de Mëttelpunkt stellt, baséieren.

   Dës Informatioune mat de spezifesche Konditioune sinn am Detail op der Internetsäit vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE), grad ewéi op der Plattform *guichet.lu*, nozeliesen.

3. **Wat ass sinn d'Ënnerscheeder tëscht engem Niveau A1.2 vum *Cadre européen commun de référence* an dem *Cours d'initiation à la langue luxembourgeoise* esou wéi en vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit?**

   De Cours d'initiation à la langue luxembourgeoise, esou wéi en am Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit virgesinn ass, baséiert op dem Schwätzen an dem Héierverstoen. Dëst geschitt am Kader vun den uewe genannte Critèrë.

4. **Wéi kann et sinn datt Certificater fir d'lëtzebuerger Sprooch mat der Entête vum Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse - Service de la formation des adultes émettéiert ginn an dann duerno net unerkannt ginn am Kader vun der Naturalisatiounsprozedur?
   Gesäit den Här Minister eng Méiglechkeet, fir Persounen, déi a guddem Glawen un esou engem Lëtzebuergesch-Cours deelgeholl hunn, deen herno net unerkannt gouf, eng Ausgläichsreegelung virzegesinn? Immerhinn hunn déi betraffe Persounen deels souguer méi Stonnen Cours suivéiert wéi deen deen gesetzlech virgeschriwwen ass.**

   Den Educatiounsministère bitt iwwer seng konventionéiert Partner verschidde Lëtzebuergeschcoursen un, déi ënnerschiddlech Finalitéiten hunn. Fir de Cours no Artikel 28 gëlle spezifesch Konditiounen. Et handelt sech ëm e Cours vu mindestens 24 Stonnen, deen op dem Schwätzen an dem Héierverstoe baséiert an no den uewe beschriwwene Formalitéiten organiséiert an ofgehale gëtt.

   Deemno kann e Certificat mam Logo vum Educatiounsministère noweisen, datt eng Persoun e Lëtzebuergeschcours suivéiert huet, léisst awer net automatesch drop schléissen, datt dëse Cours fir eng Demande fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit nom Gesetz vum 8. Mäerz 2017 ka benotzt ginn (z. B. e Cours, deen nach virum Akraafttriede vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 stattfonnt huet).

   Persounen, déi e méi avancéierte Cours an der lëtzebuergescher Sprooch ofgeschloss hunn, kënnen hire Certificat beim SFA areechen. Dëse préift am Eenzelfall, ob déi absolvéiert Formatioun de Konditioune vun engem Cours nom Artikel 28 entsprécht oder doriwwer erausgeet an, eventuell, an deem Kader kann unerkannt ginn.

5. **Kann den Här Minister präziséieren, ob et eng zentral, ëffentlech zougänglech Lëscht vun de Lëtzebuergesch-Coursë gëtt, déi am Kader vum Artikel 28 vum Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit unerkannt sinn a wou dës Coursen ugebuede ginn? Falls net, ass den Här Minister bereet, esou eng Lëscht anzeféieren, fir de Biergerinnen a Bierger eng kloer Orientéierung ze ginn? Ginn déi Coursen an allen Ecker vum Land ugebueden?**

   D'Lëscht vun de Prestatairen, déi konform zum agreéierte Programm, Lëtzebuergeschcoursen am Kader vum Artikel 28 ubidden, ass op der Internetsäit vum MENJE verfügbar.

   Déi aktuell Prestatairen, déi Coursen ubidden fir déi een sech aschreiwe kann, sinn op de Plattforme *unipop.lu* a *lifelong-learning.lu* verfügbar.

Lëtzebuerg, de 25. August 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH